



ACEL

de Studentevertrieder

Luxemburg, den 8. Juli 2018

Communiqué de presse

ACEL Studentebal 2018

Freides, den 13. Juli – beim P&R Bouillon, Luxemburg

Déi 18te Auflage vum gréissten Open-Air Studentebal

D'ACEL (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 18. Editioun vu sengem traditionelle Studentebal. Zanter 2001 organiséiert d'ACEL dëse Bal an Zesummenaarbecht mat senge Membercerclen. Mëttlerweil gehéiert de Studentebal dann och zu deene gréissten Events am Land an ass ënner anerem dee gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat méi wei 4000 Visiteuren all Joer. De ganzen Opbau vum Event gëtt gréisstendeels duerch de Comité vun der ACEL an de Cerclen déi um Bal deelhuefen duerchgefouert. Thinnas Pascal, Vice-Président bei der ACEL an Haaptresponsabele vum "De Studentebal" gesäit d'Evenement als den Héichpunkt vum Joer, op deem de ganze Comité en Joer drop hischafft. „D'Preparatiounen fir d'Evenement hunn scho virun engem Joer ugefaangen an de ganze Comité freet sech op een neits op dëst flott Evenement wat vu Studenten fir Studenten organiséiert gëtt“, esou den Pascal Thinnas.

Fir de Bal ginn dann all Joer Cerclen vun der ACEL invitéiert fir kennen de Bal mat ze gestallten andeems se en Stand kréien, wou se e Gedränk hirer Wahl kenne verkafen. Insgesamt ginn et dëst Joer 32 Cerclen déi deelhuefen a bidden de Visiteuren 31 Specialdrinks aus hire jeeweilege Studentestied. De Studentebal steet am Zeeche vum Ofschloss vum akademesche Joer, a bitt de Schüler a Studenten Méiglechkeet sech erëmzegesinn. Den Datum ass mëttlerweil eng fest Gréisst am Kalenner vun de Studenten, dëst well déi eng mat den Examen fäerdeg sinn an déi aner domat ufänken an sou nacheemol kennen zesumme feieren. De Gewinn vum Event geet integral un Cerclen déi um Bal deelhuefen. Des finanziell Ënnerstëtzung ka soumat fir Aktivitéiten während dem Joer genotzt ginn an d'Casse vum Cercle bëssi ënnerstëtzen.

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois | contact@acel.lu · www.acel.lu

+352 691 420 538 | Président

2, avenue de l'Université

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000

+352 691 420 539 | VP Information

L-4365 Esch-sur-Alzette

No RCS F969

+352 691 420 540 | Secrétaire



SPUERKEESS

Partenaire officiel

Freides, den 13 Juli 2018 um 20 Auer start déi 18. Editioun vum Studentebal op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et eng Happy Hour. Fir d 'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer Djen Flex Diamond a Pero Diamond. De Präis am Virverkaf ass 10€ an 12€ an der Oweskeess. Niewent der traditioneller Oweskeess kennen d'Clienten och vun der digitaler Bezuelmethode "Digicash" profitéieren. Detailler iwwer de Virverkaf a weider Informatiounen fannt dir um Internetsite www.acel.lu/studentebal an op Facebook.

Kontakt:
Pascal Thinnes
+352 661 420 541
Responsablen vum Studentebal 2018

